

„Wëssenschaft“ a Wëssen

Fir d'wéivillt Mol ass ewell hei op x Manéieren explizéiert ginn, datt een **eis Sprooch net zevill eesäiteg soll kucken**: weder iwwer d'Wëssenschaft nach iwwer d'Literatur oder d'Schoul, an och net nëmme bei de Leit, dem Radio, der TV ... mä datt et en Zesummespill vun deem Ganze muss ginn. Dobäi gehéiert ower de **Respekt vun deenen enge fir déi aner** a sougenannt intellektuell Éierlechkeet.

Mat der Wëssenschaft eleng kënt keng Sprooch weider a gëtt och keng Sprooch erhal, well se do net leeft an otemt. **Mir hunn dee gréisste Respekt vrun der Spezialistenaarbecht** vun engem Robert Bruch, dem Fernand Hoffmann an anere Philologen a Linguisten; esou laang wéi keng onnéideg Iwwerhiefllechkeet/Arroganz vis-à-vis vun de „Praktiker“ déi Spezialistenaarbecht begleet, ass näischt dogéint ze soen. Wann deerselwechter Leit ower wéi deslescht en Interview ginn an ausser e puer Bicher alles ignoréieren, wat an de leschte 45 Joer „dobausse“ mat dem Lëtzebuergesche geschitt ass, dann ass dat op d'mannst onfair, fir net ze soen aremséileg an onéierlech.

Et ass net „brav“, bestëmmt net intellektuell éierlech, wann e Wëssenschaftler mécht, wéi wann Sprooch hei eréischt mat der UniLu un de Start gaang wier. Du léiwer Mäini! Musse mir dann unhuelen, datt „si“ keen Donst vun der Situatioun vum Lëtzebuergesche vu virun zwou Generatiounen hunn; „wëssenschaftlech“ wier et jo vläicht, emol ze ënnersichen, wat dann „deemools mat/an eiser Sprooch lass war“. Onwëssenschaftlech ass et ganz bestëmmt, radikal alles ze iwwergoen, wat fir d'Lëtzebuergesch an deene Joere gemaach ginn ass. Onwëssenschaftlech ass et, de Mond bewosst iwwer all „Aarbecht um Terrain“ zouzepëtzen. Onwëssenschaftlech ass et, Dausende bewosst „populär“ Radios- an TV-Emissiounen, grad ewéi Artikelen ze ignoréieren, fir „de Leit“ hir Sprooch bei hinne selwer iwverhaapt emol an d'Gespréich ze kréien. Hallo, Soziologie!

Et verléiert kee vun deenen Herrschaften e positiivt oder negatiivt Wuert iwver d'Lëtzebuergesch deemools an der Schoul ... wou Joerzénge laang kee Buch do war, bis d'Actioun Lëtzebuergesch de Minister Jean Dupong esouwäit kritt huet, den Alain Atten unzustellen, eng kleng Anthologie fir d'Primärschoul zesummenzékriien. Et guff op deem Gebitt näischt, bis mir mat Fachleit wéi Cornel Meder, Jul Christophory, Lydie Schmit, Mars Klein **1983 en éischt Buch fir Lëtzebuergesch („Texter“) am „Secondaire“** gemaach hunn. Wou gëtt dat bei esou Interview-Gespréicher ernimmt? Dann ass et dach just niewelaanscht warem Loft, wann do gemengt gëtt, **d'Lëtzebuergesch hätt z. B. kee „Futur“** ... wat huet d'Däitscht oder d'Englescht dann an deem Streech, ausser datt dat mat engem Hëllefverb gemaach gëtt; am Franséischen oder Italiéneschen ass et jo, vum Latäin erfert, eng aner Saach ... an eiser Sprooch maache mir dat spillen mat engem Zäitwuert/-adverb. Esou Gedéngels intresséieren ower just Sprooch-Labos-Leit, mä soss kee Mënsch!

Bei aller Léift fir d'Saach: **Och d'Literatur „rett“ d'Lëtzebuergesch net** vrun deem, wat iwver däitschsproocheg TV-Kanäl hei erandrückt. Mir hunn (aus deene bekannte Grënn) och keng geschriwwen Press op Lëtzebuergesch; eis Sprooch ass, bis op e puer intressant Initiativen, um Schoulgebitt nach manner ewéi en Heeschekand. Da musse mir alt bei d'Post biedelege, fir eis sproochgeleefeg Uertschaftsnimm an d'Telefonbuch ze kréien; datselwecht gëllt fir d'Schëlter virun a bannent den Uertschaften ... do huet kee Wëssenschaftler och nëmme e kleng Féngerche kromm gemaach. An et gëtt natierlech, schéi wëssenschaftlech verhuelen, kee Pipjeswuert driwwer verluer. Literatur? **Wéi vill Leit kafen a liesen dann e Buch op Lëtzebuergesch?** Knapp 2 Prozent ... mä ass et dann net ewell intressant, datt ower eis Familljenannoncen an den Zeitunge vun 1971 u vun 2 op 85 Prozent eropgaang sinn; firwat? Wéi huet dat sech mat Menüskarte gehat? Vrun 1980 gitt dir ëm soss no enger an eiser Sprooch sichen ... firwat? Alles net „wëssenschaftlech“, mä verdäiwelt intressant, gellid. **Wann een als „Wëssenschaftler“ ower net e sëllichen oder vläicht och näischt doriwwer weess (wësse wëllt) ... dann däreft een d'Geleeënheet net verpassen ... de Mond ze halen.**

De rosene Wurm

Wien dee Wiermche schon hat, vergësst en net méi, an **hie seet engem vill méi wéi de „panaris“ oder den „Emlaf“**. Iwwerhaapt ass den Ausdrock „rosen“ en typesche Lëtzebuergesch; hien huet „rosewéineg“ mam Däitsche „rasen“ ze dinn. Iwwersetzt emol, dir hätt ee „rose gemaach“, a probéiert emol op Däitsch oder Franséisch ze soen, dir hätt un engem Tirang „geroost“, fir en opzékriien, oder et hätt e Stuerm un de Beem „geroost“. Wann dir eng „Roserei“ un iech kritt, da kann do kee Verglach mat der däitscher „Raserei“ am Auto gemaach ginn. Och eng „rosen Zara“ ass verdäiwelt schwéier an eng aner Sprooch ze iwwersetzen, mä et giff ower gutt passen, wann een z. B. déi franséisch „mégère apprivoisée“ oder déi däitsch „der Widerspenstigen Zähmung“ misst an eis Sprooch eriwverhuelen; iwregens fanne mir am engleschen Titel fir dat bekannt Stéck „The taming of the shrew“ eisen Ausdrock „schro“ erëm. Un esou engem kleng Beispill wéi eise „Roserei, rosen (als Verb oder Adjektiv an Adverb)“ kann ee weisen, vläicht och beweisen, datt d'Lëtzebuergesch säi kleng Liewen an sengem heemlechen Eckelche mécht. Oder net?



vum Lex Roth

Foto: Teddy Jaans

Feierlech, ower dolaanscht!

De *Schrëftféierer* vum *Virstand* huet zousätzlech Muecht am *Veräin* beusprocht; *doduerch* ass *déi* soss *verméttelt* Gesellegkeet an *d'Hannertrefe* geroden. Dat wier **deer Sprooch-Goldstécker eent, iwver dat mir äis bei engem Mikromënsch net bräichten ze wonneren**. Deer Saach wier ower opzehëllefen (op de Virzock ze kommen), wann d'Conditione fir op de Mikro op der Chef-Etage giffe méi eescht geholl ginn.

All Respekt fir d'Studien am „Kommunikationsfach“ ... mä leider hunn déi sproochlech nëmme mat Franséisch oder Däitsch ze dinn. **Lëtzebuergesch ass do keen Thema!** Lëtzebuergesch kann dach all Lëtzebuergesch, gellid ... da mengt alt (en typeschen Ausdrock vun hei)! Fir op „eise“ Radio oder d'TV misst onbedéngt eng Sproochkontroll (iwver Concours?) verlaangt ginn. Dat kascht ... mä wou ass dann do d'Éierlechkeet? Wat „kascht“ dann de Sport? Rechent emol ouni Detailer aus, wat verschidde kulturell Werter (Musek, Theater asw.) äis an de Staats- wéi an de Gemeengefinanzen an de Budget schloen. **Mä, nedit, wat bréngt dat Kulturgedéngels, wa mir stëmme ginn?**

Gestéppels

Datt hei an der KLACK och alt emol gestéppelt gëtt, weess jiddereen, deen sech fir dat Gerëffels a Gestéppels intresséiert. **Den Ausdrock selwer ass ouni Stéppelerei intressant genuch, fir emol eng Grimmeldra ... stéppelen ze goen.**

Dir kënt an engem däitschen Dictionnaire vun dausend Säite wullen, dir fannt kee Spoun vun deer ganzer Stéppelerei. Do gëtt „gestochert/gestichelt“, ower néierens „gestéppelt“. Mir stéppelen an den Zänn ... ower da freet ee sech, firwat mir dat mat engem „Zahnstocher“ solle maachen. Am Feier gëtt och am direkte Sënn gestéppelt, mä am iwverdroene Sënn kënnen mir anerer domat schéin op dee gelungene Beemchen driewen. Mir kennen alleguer deer feiner an deer flappeger Stéppeler ... déi just selwer kee Gestéppels verdroen.

Läffelsgeschier, Besteck oder Couverten?

Fannt dir et net och gelungen – huet näischt mat deem däitschgeklaute „geléngen“ ze dinn – datt mir sproocheméisseg plazeweis op villerlee Houchzäiten danzen, wann et ëm Ausdréck geet? **Firwat iesse mir Zopp mat engem „Läffel“ an d'Mäifel Flesch mat enger „Fo(r)chett“?** Mir hunn eng „Saibecken“, ower dréinen eis „Wiermerchegromperen“ an enger „Passe-Vite“, wat iwwegens och en typesche Fall vum Markennumm op en allgemengen Ausdrock ass.

Woufir fällt et kengem Lëtzebuergesch an, vu „Marmelade“ ze schwätzen, déi et ni géint eist „Gebeess“ an eis „Gebeesseschmier“ gepackt huet? En „Nodesch“ fir en Dessert ass keen Thema fir äis, an eng „Virspeis“ aplaz „Entrée“ giff äis just laachen dinn, firwat dat Franséisch? Mat „Blummekabes“ wësse mir näischt als „Chouffleur“ unzefänken; grad esou ass et mat eise „Brockelcher“, déi hei keen als „Bréisseler“ oder Rouse-Kabes“ giff erëmkenne. **Eis Bratzele ginn och eng „ciboulette“ an esouguer de „Schnittlauch“ meeschter.** Et wier iwwegens net vu Muttwëll, wann een an der Schoul – esouguer och am „Secondaire“ – am Sënn vum Ausdrock sproochlech an de Gaart geng „kraude“ goen ... dat giff eiser Sprooch gutt dinn!

De Geessemisch?

Am 1. Weltkrich, vun deem dëst Joer esouvill erzielt, geschriwwen a gewise gëtt, war ganz vill Honger hei am Land, vrun allem an deene méi groussen Uertschaften; „um Land“ war dat net esou problematesch ... an **dufir sinn déi „Stieds“ hamstere gaang ... wat ower verbuede war, a wouvun den Adel Weis an sengem genessege Buch „Um Vaubang“ wonnerléif verzielt;** dat ass iwregens nach fir e puer Euro bei der Actioun Lëtzebuergesch ze kréien (Tel. 470 612), an et wier eng flott Geleeënheet, fir eiser Sprooch, zesumme mat „Vergangenheetsgefill“, eng zolitt Stäip an enger Klass ze ginn.

Deemools huet e Minister, den Dr. Mich. Welter, de Leit geroden, sech eng Geess ze halen; dann hätten si Mëllech an zugudderlescht och nach Flesch ... de gudde Mann huet mat senger intelligenter Iddi weider net vill erreecht ... a fir de Spunnes war gesuergt; hien ass vun do un de „Geessemisch“ genannt ginn! Eng gutt Fro: Wéi heescht dann elo eng jonk Geess? Richteg: Zicke/Zicklein ... dat muss net ëmmer mat engem geessege Framënsch ze dinn hunn, wéi mir se iwverall beim „People“ fannen ... mir hu fir d'Déierchen a fir déi bekannt „Huppegeessen“ e säftegen Numm: e Bëttschel/eng Butsch! Dat eent ewéi dat anert kann e Genoss sinn, ower en „Zéckelchen“ ass et bei äis ni ginn!

GENERALVERSAMMLUNG

vun der Actioun Lëtzebuergesch – EIS SPROOCH
Samschdeg, de 14. Juni, um 16 Auer
an der Stad „Am Dierchen“, rue du Nord/Cassinogaass